



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Méttelstand weiderzeleeden.

Am Tageblatt ass an engem Artikel vum 14te Mee ze liesen "Noch weiß niemand, wann genau die Gastronomiebranche in Luxemburg ihre Türenwieder öffnen kann." Dës Onwëssenheet mécht ville Restaurateuren, Cafésbesëtzer an Hoteliere schwéier ze schafen, well si engersäits hir Geschäfte preparéiere mussen, anerersäits net wëssen, wéini si, ënnert méi strengen Hygiensmoossnahmen, erëm dierfen opmaachen.

Tëschenzäitlech hu Liwwerdéngschter ee reegelrechte Boom am Confinement kannt, well d'Restaurateure weiderhi schaffe kënnen an dobäi déi virgeschriwwe Sanitärmoossnahmen anhalen. De Client kënn deemno net a Kontakt mat anere Clienten oder mam Personal, wat den Infektiounsrisiko reduzéiert. D'Firme kënnen also zum Deel normal mat hiren Aktivitéite weiderfueren.

Vill Betriber aus dem Restauratiounsberäich waren allerdéngs net drop virbereet, fir iwwer massiv iwwert den Internet Commanden eranzekréien an ausliwweren ze loossen, well se digital oder logistesch nach net dofir opgestallt waren.

Et stellt sech d'Fro, ob d'Regierung de Restaurateure mat schonns existéierende Méttelen hätt Hëllef kënnen. Mat Letzshop ass fir den Einzelhandel eng E-Shop-Plattform en Place gesat ginn, déi sécherlech hätt kéinten ouni groussen Opwand erweidert ginn, fir d'Gastronomie-Betriber mat an ze bannen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung, op Basis vum Verlaf vun der Infektiounskurv zu Lëtzebuerg, scho prognostizéieren, wéi een Datum d'Restaurateuren erëm definitiv hier Dieren dierfen opmaachen?
2. Huet de Minister d'Piste gepréift, fir de Restauratiouns-Betriber eng Méiglechkeet unzebidden hier Produiten op Letzshop auszustellen an d'Commandë via Letzshop empfänken ze kënnen?



www.piraten.lu

- Falls nee, firwat net?
 - Falls jo, wéini wäerten déi éischt Bestellungen op Letzshop méiglech sinn?
3. Wéi vill Restauratiounsbetribler zu Lëtzebuerg bidden aktuell iwwe Internet een Delivery-Service un? Gesäit de Minister hei nach Ausbaupotenzial? Falls jo, wat huet hien hei Wëlles?
4. Goufen et Informatiounen oder Recommandatioune vun der Säit vum Minister, wéi Betribler hire Liwwerdéngscht am Kader vu Coronapandemie opstelle kënnen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

